**Réponse commune de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, du Ministre de l'Economie et du Ministre des Classes moyennes à la question parlementaire n°745 du 31 mai 2019 des honorables députés Madame Françoise Hetto-Gaasch et Monsieur Paul Galles**

***1) Deelt d'Regierung d'Meenung datt et sënnvoll wier sougenannt "Incentives" ze schafe fir eis Betriber ze motivéiere vu Plastiksverpackungen op méi ökologesch Alternativen ze wiesselen?***

D'Regierung deelt d'Meenung, datt et prinzipiell néideg ass, Mesuren ze ergräifen fir den Offall ze reduzéieren. Eng Fraktioun déi do ganz kloer am Fokus steet ass déi vun den Eeweeverpakungen, a ganz besonnesch déi, déi aus Plastik sinn. Hei sief drun erënnert, datt de Koalitiounsaccord virgesäit, datt Lëtzebuerg eng Virreiderroll nët nëmmen an der Offallgestioun soll spillen, mee och am Schutz vun de Ressourcen an an der Ëmsetzung vun der Economie circulaire. Zil soll et sinn, eng Null Offall Gesellschaft ze kréien. Fir dëst Zil ze erreechen ass de Ministère fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung amgaang eng "Null Offall Strategie" auszeschaffen. Dës Strategie wäert sech un all Acteure riichten also och un d'Produzenten fir si zu méi nohaltegen Alternativen unzereegen. Heizou wäerten eng Rei vun "Incentives" néideg sinn déi op deene verschiddenen Niveauen unzesetze sinn.

Och hu vereenzelt Betriber haut schonn hir Verpackungen optimiséiert oder eng Deel-Ëmstellung vu Plastik op Kartong ëmgesat. D'Regierung ass erfreet iwwert déi positiv Reaktiounen op déi dës Pionnéiers-Projeten beim Verbraucher stoussen, well der Nofro grad souvill Opmierksamkeet muss geschenkt ginn, wéi der Offer.

***2) Wann nee, aus wat fir engem Grond?***

/

***3) Wa jo, huet d'Regierung scho konkret Iddien?***

Aktuell gi verschidde Piste gepréift déi dann esouwuel hiren Néierschlag an der "Null Offall Strategie", wéi och am Iwwerschaffe vun dem Offallgesetz an dem Gesetz iwwert Verpakungsoffäll wäerten hunn.

Dozou muss fir d'éischt un d'Prioritéit a punkto Offallgestioun erënnert ginn: d'Vermeidung. De Ministere fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung schafft esou vill wéi méiglech a Richtung vun nohaltege Léisungen a wëll dofir prioritär déi Léisunge förderen déi Méiwee-Benotzungen erméiglechen. D'Wiel vun der Verpakung a vum Material soll virun allem no där Prioritéit gemaach ginn. Unerkannten Démarche wéi déi vum Life Cycle Assessment ginn an dësem Beräich bevirdeelegt fir dat gënschtegst Material eraus ze sichen.

Wann et ëm Eeweevepakunge geet, ass de Wëlle vun der Regierung d'Quantitéiten u Verpakungen am globale Sënn ze reduzéieren, an dorënner fale besonnesch d'Plastiksverpakungen (mee net nëmmen).

Iwwert déi rezent publizéiert Directive (UE) 2019/904 betreffend den Impakt vun eenzelne Plastikproduiten op d'Ëmwelt wäerten eng Rei vun Eeweeartikele verbuede ginn. Anerer, an do drënner falen och verschidde Plastikverpakungen, musse reduzéiert ginn. D'Regierung wäert iwwerpréiwen a wéi wäit et méiglech a sënnvoll ass iwwert d'EU-Legislatioun eraus ze goe fir och Verpakungen oder aner Plastiksproduiten ze verbidden

Donieft ginn awer och d'Méiglechkeete vu verschidde finanzielle Mesuren opgegraff.

Dorënner fält d'Ecomodulatioun vun de Contributiounen déi e Produzent muss bei der Valorlux bezuelen. Dat ass d'Méiglechkeet, d'Contributioun no festgesatene Critèren z'erhéijen, wann eenzel Critèren ongënschteg fir d'Offallproduktioun an d'Ressourceschounung sinn. Am Géigendeel gëtt dee Produzent mat enger méi niddereger Contributioun belount, wann Critère méi ëmweltgënschteg sinn. Zum Beispill kann d'Wiel vum Material fir eng Verpakung esou e Critère sinn, deemno wéi eng Materialien besser kënne recycléiert ginn. Esou eng Ecomodulatioun ass schonn haut am Agrément vun der Valorlux virgesinn, a gëtt nei iwwerschafft a verstäerkt am Kader vun der Ëmsetzung vun der neier Offalldirektiv 2018/851/EC, respektiv dem Iwwerschaffe vun dem Gesetz iwwert d'Verpakungsoffäll.

Pfand ass en aneren Ustouss deen dozou bäidroe kann, méi eng Ressource-schounend Verpakungspolitik ze maachen.. Wann de Pfand agefouert gëtt, ass dat an deem Sënn en Ureiz fir d'Produzenten well se deemno wéi da keng Contributioun méi brauchen ze bezuelen. Mat de Méiglechkeete fir Pfand anzeféieren an den noutwennege Modalitéite wäert de Ministere sech och befaassen. Eng besonnesch Opmierksamkeet gëllt der spezieller Situatioun hei am Land vis-à-vis vun der oppener Économie, dëst besonnesch am Kontext vun engersäits de villen Exporter vu Gedrénks dat hei verkaaft gëtt, an anerersäits dem méiglechen Import vun eidele Verpakungen fir déi zu Lëtzebuerg kee Pfand bezuelt ginn ass.

D'Belounung vun de Bierger déi sech aktiv un enger besserer Ressourcegestioun bedeelegen, ass en Thema wat och an dem Coalitiounsaccord dra steet an un deem d'Regierung wäert schaffen. Hei gelt et virun allem déi richteg Viraussetzungen ze schafen, déi esou e Belounungssystem erméiglechen.

Ausser deene finanziellen Incentives gëllt och d'Sensibiliséierung vun deene verschiddene Secteuren, wéi zum Beispill d'HORESCA, déi och soll duerchgefouert ginn. Als rezent Beispill kann een d'Dokument "Tragetaschen im HORESCA-Sektor - Alternativen zu Einwegtüten im HORESCA-Sektor" (Mäerz 2019) an déi passend Bewertungsfichen ernimmen. Dës Aarbecht gëtt och weider gefouert.

Et sief och dozou gesot datt de Ministère vill mat de Secteuren zesummeschafft, fir ëmmer di méiglechst pragmatesch an akzeptabel Léisungen z'entwéckelen.

Wat d'Offer am Allgemenge betrëfft, sou ass ze betounen, dass déi Betriber, déi mat R&D Projeten probéieren ëmweltfrëndlech Verpackungen ze entwéckelen, d'Méiglechkeet hunn vum Staat finanziell ënnert d'Äerm gegraff ze kréien.

Parallel dozou kënnen och déi Betriber an de Genoss vun enger finanzieller Ënnerstëtzung kommen, déi eng grondleeënd Ännerung vun hirer Produktioun duerchféieren an dobäi

eventuell och hir Approche vun de Verpackungen komplett iwwerschaffen. An deem Kontext ass ze bemierken, dass de Mëttelstandsminister eng Roadshow duerch dat ganzt Land am Mount Juni gemaach huet, wou hien dës Informatioune am perséinleche Kontakt mat net manner wéi 600 Betriber matgedeelt huet.

***4) Wa scho Plastik benotzt gëtt misst dann net kloer d'Klassifikatioun vum Plastik dropstoen?***

Dat modifizéiert Gesetz fir Verpakungen vum 21. Mäerz 2017, dat d'Directive 64/62/CE ëmsetzt, präziséiert a sengem Artikel 10 datt d'Klassifikatioun vum oder vun de Materialie vun enger Verpakung däerf dropstoen. An hirer modifizéierter Versioun vum 30. Mee 2018 steet an der Verpakungsdirektiv 64/62/EC, am Artikel 8, datt déi Klassifikatioun muss op der Verpakung dropstoen. Dësen Artikel wäert an der Ëmsetzung vun dëser Direktiv mat iwwerholl ginn.

***5) Wéi eng Initiative si virgesinn, fir och d'Geschäfter derzou ze bewegen ob di eenzel Plastikverpackunge vun Uebst, Geméis a Kaffiskichelcher ze verzichten, an Alternativen unzebidden?***

Déi Initiativen déi virdru genannt goufen betreffen och dës Zort vu Verpakungen.

Donieft sinn de Moment Gespréicher mat dem Handel am Gaang fir datt am Verkaf bei den Théiken och Méiweeboxen benotzt ginn, respektiv de Client sech Dëppercher vun doheem matbrénge kann fir se dann am Buttik gefëllt ze kréien.